



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Lëtzebuergesch Versioun vum *Système éducatif* (Men.lu)

Formation professionnelle – Berufsausbildung

Beruffsausbildung

Berufflech Grondausbildung	5
Schoulesch Offer	5
Organisatioun	5
Certificat de capacité professionnelle (CCP)	6
Diplôme d'aptitude professionnelle (DAP)	6
Techniker-Diplom (DT).....	6
Modüllen a Studieleeschtungen	6
Formatioun an enger Ausbildungsariichtung	7
Partnerschaft mat der Aarbechtswelt	7
Ausbildung an Evaluéierung	7
Ausbildung	7
Evaluéierung	8
Berufflech Weiterbildung	10
Erwuessenebildung	10
De Meeschterbréif	10
Kofinanzéierung vun der Ausbildung	10
Congé individuel de formation	11
Wat ass e Congé individuel de formation?	11
Wéi eng Bedingunge muss een erfëllen, fir e Congé individuel de formation ze kréien?	11
Wat muss ee maachen, fir e Congé individuel de formation ze kréien?.....	11
Wat geschitt, wann de Patron en negativen Avis ofgëtt?.....	12
Fir wéi eng Formatioune kann ee Congé individuel de formation ufroen?	12
Wéi gëtt d'Zuel vun de Congésdeeg gerechent?.....	12
Wéi vill Deeg Congé individuel de formation huet een am Ganzen zegutt a wéi kann een se opdeelen?	13
Ass ee während dem Congé individuel de formation sozialverséichert?	13
Ass engem seng Aarbechtsplaz während dem Congé individuel de formation geséichert?	13
Gëtt ee während sengem Congé individuel de formation weider bezuelt?	13
Gëtt de Patron fir de Congé individuel de formationvu senge Salariaë rembourséiert? 13	
Kënnen och Selbstänneger a Fräiberuffler eng Ausgläichsentschiedegung kréien?.....	13
Wéi eng rechtlech Konsequenze ginn et am Fall vu falschen oder onvollstännegen Declaratiounen?	14
Weiderbildung fir Leit, déi a kengem Aarbechtsverhältnis stinn	14

Formatiounen, fir Leit ouni Aarbecht esou auszubilden, datt se eng besser Chance op eng Aarbechtsplaz hunn	14
Formatioune fir Betriber oder e Wirtschaftssecteur am Hibléck op eng direkt Integratioun op den Aarbechtsmaart.....	14
Erfarungsberichter	14
Validation des acquis de l'expérience - VAE.....	16
Contact	16
Témoignage.....	16
Législation.....	16
Éischt Etapp	16
Zweet Etapp	17
Oflaf vun der Prozedur	17
Agenda VAE	23
Fir méi gewuer ze ginn	23
Zousätzlech Informatiounen	23
Formularen.....	24
Um guichet.lu.....	24
Schoulpersonal	24
Recrutement vun den Enseignant-Fonctionnairen	24
Zouloosungsvoraussetzungen	25
Studievoraussetzungen	25
Aschreiwung.....	25
Concours.....	26
Pedagogesche Stage an Nominéierung	26
Recrutement vu Chargés d'éducation a Chargés d'enseignement.....	26
Recrutement vu Formateuren an der Erwuessenebildung	28

Beruffsausbildung

D'Aarbechtswelt verännert sech kontinuierlech, sou datt d'Zuel vun de Secteuren an Aarbechtsplazen, déi eng héich berufflech Qualifikatioun erfuerderen, permanent klëmmt.

D'Beruffsausbildung (formation professionnelle) bitt eng breet Gamme u Formationen un, déi sech um Aarbechtsmaart orientéiert. Si erlaabt et jonke Leit wéi och Erwuessenen, eng zertifizéiert Qualifikatioun ze kréien. Si gëtt och jiddwer Erwuessenem, ob en elo eng Aarbechtsplaz huet oder eng sicht, d'Méiglechkeet, seng berufflech Kompetenzen ze erweideren.

D'Beruffsausbildung zu Lëtzebuerg ëmfaasst dräi Beräicher:

d'**Grondbildung**, déi am Kader vum Secondaire général ugebuede gëtt;

déi **berufflech Weiterbildung**, déi lievenslaang méiglech ass;

d'**Validéierung vun de Berufserfarungen** a Form vun enger zertifizierter berufflecher Qualifikatioun op Basis vun de Kompetenzen, déi een sech als Salarié oder Selbstännegen erschafft huet.

Berufflech Grondausbildung

Schoulesch Offer

Den allgemengen öffentlechen a private Secondaire proposéiert eng [120 Berufsausbildungen](#).

Et ginn dräi verschidde Qualifikatiounsméiglechkeeten:

- de **Certificat de capacité professionnelle (CCP)**, Ausbildungsdauer: 3 Joer
- den **Diplôme d'aptitude professionnelle (DAP)**, Ausbildungsdauer: 3 Joer
- den **Techniker-Diplom (diplôme de technicien – DT)**, Ausbildungsdauer: 4 Joer

Déi Schüler, déi net déi néideg Virkenntnesser hunn, fir en CCP ze maachen, kënnen a berufflech Orientéierungs- an Aféierungscoursë goen (*COIP*), déi vun den nationalen Zentre fir berufflech Weiterbildung (*Centres nationaux de formation professionnelle continue – CNFPC*) oder den allgemenge Lycéeën organiséiert ginn.

Organisatioun

Um Enn vun der 5^e, dem [3. Joer vum allgemenge Secondaire](#), gëtt de Schüler an d'Beruffsausbildung orientéiert. Dëst geschitt op Basis vun engem Avis vum Klasserot, deen sech dobäi op dem Schüler seng Resultater an Interessie stäipt.

Et ginn dräi Ausbildungsméiglechkeete mat deenen heiten Zertifikatiounen:

- de Certificat de capacité professionnelle (CCP), Ausbildungsdauer: 3 Joer
- den Diplôme d'aptitude professionnelle (DAP), Ausbildungsdauer: 3 Joer
- den Techniker-Diplom (DT), Ausbildungsdauer: 4 Joer

Dës Berufsausbildung kann op dräi Manéiere gemaach ginn:

am **duale System (régime concomitant)**: een Deel vun der Berufsausbildung gëtt als Léier an engem Ausbildungsbetrib gemaach (mat engem Léierausbildungskontrakt), deen aneren Deel (ee bis dräi Deeg an der Woch) an engem Lycée;

am **gemëschte System (régime mixte)**: de Léierbouf/d'Léiermeedche geet ee Joer laang Vollzäit an de Lycée an absolvéiert de Rescht vun der Ausbildung am duale System;

am **Vollzäitsystem (régime à plein temps)**: d'Ausbildung geschitt am Lycée selwer; dertëscht ginn et am Ganzen op d'mannst zwielef Praktikumswochen Wochen Stage (mat Contrat de stage).

Certificat de capacité professionnelle (CCP)

Den CCP erméiglecht et dem Schüler, sech berufflech a sozial Grondkenntnesser unzëeegnen, déi noutwenneg sinn, fir um Aarbechtsmaart Fouss ze faassen.

D'Ausbildung dauert am Prinzip dräi Joer. Si ass a Modüllen opgedeelt, mat enger kontinuëierlecher Leeschtungsbewäertung (*évaluation continue*). Et ass eng Ausbildung mat engem **Contrat d'apprentissage**, d. h. e groussen Deel vun der Zäit verbréngt een an engem Ausbildungsbetrieb an de Rescht vun der Zäit (ee bis dräi Deeg d'Woch) an der Schoul.

Wann ee säin CCP bis huet, kann ee mat der Ausbildung weidermaachen, fir en Diplôme d'aptitude professionnelle (DAP) an där nämmelechter Fachrichtung ze kréien.

Diplôme d'aptitude professionnelle (DAP)

Mat engem DAP ass een eng qualifizéiert Aarbechtskraaft um Aarbechtsmaart. Et ass eng Ausbildung mat engem *Contrat d'apprentissage* oder engem *Contrat de stage* (op d'mannst 12 Woche Stage während der Ausbildung). D'Ausbildung dauert am Prinzip dräi Joer.

Wann de Schüler säin DAP bis huet, kann en d'Technikerausbildung (DT) an där nämmelechter Fachrichtung maachen, déi iewescht Klasse vum Secondaire général besichen oder e Meeschterbréif maachen.

Techniker-Diplom (DT)

Dës Qualifikatioun steet fir eng ëmfaassend berufflech Ausbildung, déi et dem Schüler erlaabt, direkt an de Beruff eranzeklammen oder awer sech a sengem Fach op enger technescher Héichschoul aneschreiwen, ënner der Konditioun, datt en d'Virbereedungsmodülle fir dës Héichschulstudie gepackt huet. Den Techniker huet am Géigesaz zum CCP an dem DAP méi fundéiert an diversifizéiert Kompetenzen an e bessert Allgemengwëssen.

D'Ausbildung dauert am Prinzip véier Joer.

Et ass an der Haaptsaach eng Ausbildung mat **Contrat de stage** (am Ganzen op d'mannst 12 Wochen).

Nom DT kann de Schüler seng Formatioun fortsetzen: E kann déi iewescht Klasse vum Secondaire général besichen, e kann och déi Modüllen absolvéieren, déi op eng technesch Héichschoul virbereeden, wann en dës Studien envisagéiert. Dës Modülle kënnen am Kader vun der normaler Studiendauer oder awer nom Ofschloss vun der Ausbildung absolvéiert ginn. Den erfollegräichen Ofschloss vun dese Modülle gëtt an enger Annex zum Diplom zertifizéiert; dësen Diplom berechtigt zu weidere Studien op enger technescher Héichschoul an der betreffender Fachrichtung.

Modüllen a Studieleeschtungen

D'Beruffsausbildung ass an *Unités capitalisables* oder Studieleeschtungen opgebaut, déi hirersäits a Modüllen ënnerdeelt sinn.

Wann de Schüler e Module gepackt huet, kann e mat deem nächste Module weidermaachen. Wann en en net gepackt huet, da mécht en dese Module nach eemol am Laf vu senger Ausbildung, am Kader vu sengem normale Stonneplang an ouni datt en dat ganz Joer muss widderhuelen.

Verschiede Modülle bilden eng Studieleeschtung. Eng Studieleeschtung regruppéiert déi Modüllen, déi op eng spezifesch Aktivitéit vun engem Handwerk oder Beruff virbereeden.

Ausser am Fall, wou sech de Schüler nach eemol fir dat éischt Joer vun enger Beruffsausbildung aschreift, bleiwen déi Modüllen, déi mat Erfolleg ofgeschloss goufen, op Dauer als Acquis gülteg. Wann een sech, zum Beispill no enger Ënnerbriechung, erëm aschreift fir eng Ausbildung, där hir Evaluéierungsnormen an der Tëschenzäit changéiert hunn, decidéiert den Direkter vun der Beruffsausbildung, op schrëfflech Ufro vum Schüler hin, bei wéi enge Modüllen de Schüler eng Dispens kritt.

Dës Opdeelung a Studieleeschtungen a Modüllen stellt d'Kärstéck vun engem liewenslaange Léierprozess duer. D'Validéierung vun de Modüllen, déi gepackt goufen, erlaabt et all Persoun, déi hir Studien ënnerbrach huet, hir Ausbildung erëm do opzehuelen, wou se ënnerbrach gouf, ouni erëm musse bei Null unzufänken.

Liest och d'Rubricen [Ausbildung an Evaluéierung](#).

Formatioun an enger Ausbildungsrichtung

D'Beruffsausbildung ass konzipéiert an organiséiert, fir Erfarungen am konkrete berufflechen Ëmfeld ze fërderen.

Jee no Ausbildung sinn zwou Forme méiglech:

Léier: De Schüler/d'Schülerin huet de Status vum Léierbouf/dem Léiermeedchen; et gëtt e Kontrakt mat der Ausbildungsrichtung ofgeschloss; derniewent ginn dës Schüler eng festgeluechten Zuel vu Stonnen an d'Schoul.

Stage (Praktikum): De Schüler huet de Status vun engem Stagiaire; de gréissten Deel vu senger Ausbildung geschitt an der Schoul, ma op d'mannst zwoelf Woche si fir Stagen a Betriber virgesinn.

Partnerschaft mat der Aarbechtswelt

D'Beruffsausbildung baséiert op enger Partnerschaft tëschent der Schoul an der Aarbechtswelt: de Staat, **d'Berufskummere vum Patronat an dem Salarat** schaffen, wat d'Beruffsausbildung ugeet, enk zesummen.

De **Comité à la formation professionnelle**, deen am Gesetz iwwer d'Reform vun der Beruffsausbildung virgesinn ass, leet déi grouss Linne fest, iwwerwaacht d'Entwécklungen a garantéiert, datt d'Ziler vun der Beruffsausbildung de Besoine vun der Lëtzebuerger Wirtschaft entsprechen.

D'Kaderprogrammer (Berufsprofil, Ausbildungsprofil a Programmkonzept) wéi och d'Bewäertungsschemae vun de verschiddenen Ausbildung gi vun Ekippen ausgeschafft, déi sech aus Verrieder vun der Schoul an der Aarbechtswelt zesummesetzen.

D'Ausbildungsprogrammer gi vun **nationale Bildungskommissiounen** ausgeschafft, déi vu Verrieder vun deene Lycéeën, déi dës Ausbildung ubidden, a Verrieder aus der Aarbechtswelt zesummesat sinn.

Ausbildung an Evaluéierung

Ausbildung

Fir all Formatiouen sinn d'Kompetenzen definéiert, déi sech de Schüler während senger Ausbildung uneegne muss, fir spéider säi Beruff oder Handwierk ausüben ze kënnen. Dës Kompetenze ginn an déi verschidde Bewäertungsschemaen an Ausbildungsprogrammer iwwerdroen.

Den Unterricht ass a Modüllen ënnerdeelt (an net a Fächer). All Modüll ziilt op d'Entwécklung vu verschiddene Kompetenzen of an orientéiert sech u konkrete beruffleche Situatiounen. De Schüler eegent sech esouwuel dat theoreetescht wéi och dat praktescht Wëssen un.

Et ginn dräi Typen vu Modüllen:

- ❖ **d'Basismodüllen**
Si sinn obligatoresch. Wann de Schüler se net packt, muss en dës Modüllen am nächste Semester nohuelen.
- ❖ **d'Komplementarmodüllen**
Och si sinn obligatoresch. Wann de Schüler se net packt, kënnen se spéider während der Ausbildung nogeholl ginn.
- ❖ **fakultativ Modüllen a Virbereedungsmodüllen**

Si erweideren den Ausbildungsberäich oder bereeden op eventuell Héichschulstudie vir.

Evaluéierung

Beziffert Bewäertung op Basis vun de Kompetenzen

Um Enn vun all Trimester gëtt et eng Zensur, déi d'Fortschrëtt vum Schüler dokumentéiert.

Op der Zensur sti fi all Modüll Punkten an, jee nodeems, och d'Décision de progression. All Modüll gëtt op 60 Punkte bewäert. E Modüll besteet aus verschiddene Kompetenzen, si gi getrennt op enger Skala vu 6, 12, 18 resp. 24 Punkte bewäert.

E Modüll ass gepackt, wann op d'mannst 30 Punkten am Modüll erreecht goufen.

Dës nei Evaluéierung ass 2019/2020 fir dat éischt Ausbildungsjoer a fir dat Joer nom Bilan intermédiaire agefouert ginn. Nom Schoulufank 2020/2021 gëllt se fir all Ausbildungsjoer.

D'Modülle vum berufflechen Unterrecht, déi gepackt goufen, bleiwen e Liewe laang gültig.

Wann de Schüler e Modüll net gepackt huet, kann en dës Modüll nohuelen, ouni duerfir mussen dat ganz Joer nach eemol ze maachen.

Bilan intermédiaire a Bilan final

E Bilan intermédiaire gëtt ausgestallt

1. um Enn vum zweete Joer vun enger véierjäreger Ausbildung;
2. um Enn vum éischte Joer vun enger dräijäreger Formation.

Dës Bilane baséieren sech op d'Resultater vum Schüler an den obligatoresche Modüllen, déi de Schoulprogramm zënter dem Ufank vun der Ausbildung virgesäit. Weeder d'Stagen nach den eventuelle Projet intégré intermédiaire (PII) ginn heiranner berücksichtegt.

Ëmorientéierung vun de Schüler

Schüler, déi net fir dat nächst Joer vun hirer Ausbildung zougelooss sinn, kënnen vum Klasserot an eng aner Ausbildung mam selwechten Niveau oder eng Klass vun engem anere schouleschen Niveau ëmorientéiert ginn. Wann de Klasserot fënnt, datt de Schüler d'Fäegkeeten huet, d'Ausbildung mat Erfolleg ofzeschléissen, kann en dem Schüler en zousätzlecht Ausbildungsjoer accordéieren, fir déi Moduler, déi en net gepackt huet, nozehuelen.

Integréiert Projeten

Schüler mat engem Léiervertrag (*contrat d'apprentissage*) an der **DAP-** oder **DT-Ausbildung** realiséieren an der Hallschent vun hirer Ausbildung e Projet intégré intermédiaire (PII). All d'Schüler (CCP, DAP an DT) realiséieren um Enn vun hirer Ausbildung e Projet intégré final (PIF).

Duerch dës integréiert Projete soll gekuckt ginn, ob de Schüler iwwer déi punktuell Kompetenzen eraus déi néideg komplex Kompetenzen entwéckelt huet, fir eng real oder simuléiert berufflech Situatioun ze meescheren. En integréierte Projet kann iwwer e puer Deeg goen.

L'admissibilité au projet intégré final est soumise à la condition de la réussite du bilan final.

[Demande de participation à la prochaine session du projet intégré final \(PIF\) \(PDF, 46 KB\)](#)

Zertifizéierung

D'Zertifizéierung geschitt op Basis vum reusséierte Projet intégré final an de gepackte Basismodülle wéi och eventuelle Stagen.

Weider Informatiounen

[DT - L'évaluation à la formation professionnelle](#)

[DAP - L'évaluation à la formation professionnelle](#)

[CCP - L'évaluation à la formation professionnelle](#)

Berufflech Weiterbildung

Déi berufflech Weiterbildung stellt eng gréisser Erausforderung duer, well d'Aarbechtswelt sech kontinuierlech verännert. Iwwer d'Grondausbildung eraus erlaabt si et, en Diplom ze kréien, seng Kenntneser a Kompetenzen ze vervollstännegen oder ze perfektionéieren, sech berufflech nei ze orientéieren, am Beruff weiderzekommen, sech mat den neien Technologië vertraut ze maachen asw.

Déi berufflech Weiterbildung adresséiert sech virun allem un:

- déi Leit, déi hir Studien oder Grondausbildung net fäerdeg gemaach hunn;
- déijéineg, déi en DT, DAP oder CATP hunn a sech gären op e Meeschterbréif virbereede wëllen;
- déi Leit, déi eng Aarbecht sichen an hir Chancen op eng Plaz wëlle verbessern;
- déijéineg, déi eng berufflech oder technesch Ausbildung hunn, ma sech doranner weiderbilde wëllen, fir kënnen hir Aarbechtsplaz ze behalen, hir Wettbewerbsfäegkeet ze vergréisseren, sech berufflech nei ze orientéieren asw.

Erwuessenebildung

Jiddwereen, dee méi wéi 18 Joer huet an e Beruff léieren oder sech berufflech nei orientéiere wëll, ka sech an der Erwuessenebildung aschreiwen. Dobäi ass et egal, ob een en Aarbechtskontrakt huet oder bei der ADEM ageschriwwen ass, well een op der Sich no enger Aarbechtsplaz ass.

Déi an der Erwuessenebildung ugebueden Ausbildung sinn:

- de Certificat de capacité professionnel (CCP)
- den Diplôme d'aptitude professionnelle (DAP)
- den Techniker-Diplom (DT)

De Wee iwwer d'Erwuessenebildung ass méiglech fir déi Beruffer an Handwierker, déi am Règlement grand-ducal iwwer d'Beruffer an d'Handwierker am Kader vun der Berufsausbildung stinn an déi am duale System (régime concomitant) ugebuede ginn.

Erwuessener, déi sech fir dëse Wee decidéieren, kréien de soziale Mindestloun.

De Meeschterbréif

Mat engem Meeschterbréif (brevet de maîtrise) huet een d'Recht, sech an deem betreffenden Handwierk **selbstänneg** ze maachen a **Léierbouwen a -meedercher auszebilden**. Mam Meeschterbréif gëllt een als **Meeschter** (maître-artisan) a sengem Handwierk.

D'Virbereedungscoursë fir de Meeschterbréif gi vun der **Chambre des métiers** organiséiert.

Fir sech an dës Coursë kënnen anzeschreiwen, muss de Kandidat en *Diplôme d'aptitude professionnelle* (DAP) oder als äquivalent unerkannten Dokumenter kënnen virleeën. Ugeholl ginn och déijéineg, déi e Secondairesdiplom, en Techniker-Diplom oder bestëmmte Fachhéichschouldiplomer hunn a berufflech Erfarungen nowise kënnen.

Kofinanzéierung vun der Ausbildung

Zu Lëtzebuerg etabléiert **Privatbetriber** kënnen eng Bähëllef fir d'Ausbildung am Betrib ufroen, déi sech op besteierbar 15 % vum investéierte Joresbetrag beleeft. Déi staatlech Bähëllef klëmmt op

besteierbar 20 % fir d'Lounkäschte vun deene Participanten, op déi um Ufank vun hirem Ausbildungsprogramm dës Kriterien zoutreffen:

- **keen unerkannten Diplom** a manner wéi 10 Joer Berufserfahrung hunn;
- en **unerkannten Diplom** oder méi wéi zéng Joer Berufserfahrung hunn a **méi wéi 45 Joer** al sinn.

Den **INFPC** – Institut national pour le développement de la formation professionnelle continue, ënnerstëtzt als ëffentlech Institutioun, déi dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend ënnersteet, déi Betriber, déi eng **Kofinanzéierung** wëllen ufroen.

Congé individuel de formation

Dir géift lech gär weiderbilden, fir Är Wettbewerbsfäegkeet ze verbesseren? Dir géift lech gär berufflech ëmorientéieren a musst Är Kenntnesser perfektionéiere resp. adaptéieren?

De Congé individuel de formation (individuelle Bildungscongé) erlaabt lech, déi néideg Zäit ze fannen, fir an déi dofir noutwenneg Coursen ze goen an dobäi Är Plaz an och Äert Akommes ze behalen. D'Gesetz vum 24. Oktober 2007 gëtt all Persoun, déi am Privatsecteur schafft, Recht op 80 Deeg Congé fir Weiterbildungszwecker während senger beruflecher Karriär.

Déi néideg Informatiounen zum individuelle Bildungscongé fannt Dir hei ënnendréiner.

Wat ass e Congé individuel de formation?

Den Congé individuel de formation ass e spezielle Congé, deen et Salariéen, Selbstännegen a Fräiberuffler erméiglecht, u Coursen deelzehuelen, sech op Exame virzebereeden an Examen ze maachen, Aarbechten ze verfaassen oder all aner Tätigkeet a Relatioun mat enger eligibler Weiterbildung auszuféieren.

Wéi eng Bedingunge muss een erfëllen, fir e Congé individuel de formation ze kréien?

Fir Congé individuel de formation accordéiert ze kréien, musse Salariéen:

- eng Aarbechtsplaz zu Lëtzebuerg hunn,
- en Aarbechtskontrakt mat enger Firma oder Associatioun hunn, déi rechtméisseg zu Lëtzebuerg etabléiert an do aktiv ass, an
- op d'mannst sechs Méint bei hirem Patron geschafft hunn, wéi de Congé individuel de formation ugefrot gouf.

Selbstänneger a Fräiberuffler mussen zënter op d'mannst zwee Joer zu Lëtzebuerg sozialverséichert sinn.

Wat muss ee maachen, fir e Congé individuel de formation ze kréien?

Wie gär Congé individuel de formation hätt, muss beim Service de la formation professionnelle vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend eng Demande eraginn. Fir dës Demande muss een:

- de Formulaire fir Congé individuel de formation ausfëllen. De Formulaire kann hei ënnen erofgeluede ginn;
- dem Patron säin Avis an de Formulaire androe loossen;
- den ausgefëllte Formulaire mat de gefroten Dokumenter un dës Adress schécken:

Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
 Service de la formation professionnelle/congé-formation
 29, rue Aldringen
 L – 1118 Luxembourg

Wat geschitt, wann de Patron en negativen Avis ofgëtt?

De hei ënnen ka verréckelt ginn, wann de Congé vum Salariai gréisser Nodeeler fir d'Weiderféierung vum Betrib mat sech bréngt oder sech negativ op d'Organisation vum bezuelte Jorescongé vum Personal auswirkt.

Fir wéi eng Formatioune kann ee Congé individuel de formation ufroen?

E Congé individuel de formation kann ee fir Formatioune kréien, déi zu Lëtzebuerg oder am Ausland vun dësen Organismen ugebuede ginn:

- staatlech unerkannten ëffentlech oder privat Schoulen, déi staatlech unerkannte Certificaten ausstellen ;
- Berufskummere ;
- Gemengen ;
- Stéftungen, natierlech Persounen a privat Associatioune, déi speziell heifir en Agreement vum Minister hunn ;
- Ministère, Administratioune a staatlech Institutioune.

Net eligibel sinn all déi Formatioune, déi schonn duerch aner gesetzlech Reegelunge virgesinn a kofinanzéiert ginn.

Wéi gëtt d'Zuel vun de Congésdeeg gerechent?

D'Zuel vun den Deeg fir Congé individuel de formation, op déi een Usproch huet, hänkt vun der Zuel vun de Stonnen of, déi een an dës Formatioun investéiert. Dës Stonnenzuel gëtt entweder vun där Institutioun festgeluecht, déi d'Formatioun ubitt, oder awer op Basis vun de Coursen an de Schoulen oder Ausbildungsinstituter bestëmmt.

D'Formatiounsstonne ginn d'éischt an Aarbechtsdeeg ëmgewandelt. Aacht Stonne Formatioun erginn een Aarbechtsdag. De Quotient gëtt dann duerch dräi gedeelt, fir op d'Zuel vun de Congésdeeg ze kommen, well all Formatiounsstonn just fir en Drëttel vun enger Aarbechtsstonn gëllt. D'Resultat gëtt ofgerënnt, wa keng ganz Zuel dobäi erauskënnt.

Rechebeispill fir eng Formatioun vun 30 Stonnen:

$$30 : 8 = 3,75 \text{ Aarbechtsdeeg}$$

$$3,75 : 3 = 1,25 \text{ Congésdeeg fir Weiterbildung}$$

(gëtt ofgerënt)

Fir eng Formatioun vun 30 Stonne kritt een also 1 Dag Congé fir Weiterbildung.

Wéi vill Deeg Congé individuel de formation huet een am Ganzen zegutt a wéi kann een se opdeelen?

Am Laf vum Berufsliewen huet een e Recht op maximal **80 Deeg** Congé individuel de formation. Bannent engem Zäitraum vun zwee Joer däerf een awer maximal 20 Deeg Congé individuel de formation froen. Déi minimal Dauer vun esou engem Congé ass een Dag.

Fir Salariéen, déi nëmmen Deelzäit schaffen, ginn d'Deeg, déi ee fir e individuelle Bildungcongé zegutt huet, am Verhältnis dozou berechent.

Ass ee während dem Congé individuel de formation sozialverséichert?

De Congé individuel de formation gëtt als Aarbechtszäit ugerechent an déi gesetzlech Sozialversécherungsbestëmmunge bleiwen erhalen.

Ass engem seng Aarbechtsplaz während dem Congé individuel de formation geséichert?

Déi gesetzlech Bestëmmungen, wat de Schutz vun der Aarbechtsplaz betrëfft, gëllen och während dem *Congé individuel de formation*.

Gëtt ee während sengem Congé individuel de formation weider bezuelt?

Salariéen, déi e Congé individuel de formation accordéiert kruten, hu fir all Congésdag Recht op eng vum Patron bezuelten Ausgläichsentschiedegung, déi deem am Artikel L.233-14 vum Aarbechtsrecht (Code de travail) festgeluechten duerchschnëttlechen Dagesloun entsprécht, ma dat Véierfacht vum soziale Mindestloun fir netqualifizéiert Aarbechter net iwwerschreiden däerf.

Gëtt de Patron fir de Congé individuel de formationvu senge Salariéë rembourséiert?

De Patron kritt de Montant vun der Ausgläichsentschiedegung wéi och d'Part patronal vun de Sozialversécherungsbeitrëg rembourséiert. Hie muss zu deem Zweck eng Declaratioun ausfüllen; de Formulaire duerfir kritt e beim Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend.

Kënnen och Selbstänneger a Fräiberuffler eng Ausgläichsentschiedegung kréien?

Persounen, déi enger selbstänneger oder fräiberufflecher Aktivitéit noginn, kënnen eng direkt Ausgläichsentschiedegung vum Staat kréien. D'Entschiedegung gëtt berechent op der Grondlag vum Akommes, dat dat Joer virdrun als Basis fir d'Berechnung vun der Renteverisécherung geholl gouf. Dës Entschiedegung däerf dat Véierfacht vum soziale Mindestloun fir netqualifizéiert Aarbechter awer net iwwerschreiden.

Wéi eng rechtlech Konsequenze ginn et am Fall vu falschen oder onvollstännegen Declaratiounen?

D'Entscheidungunge sinn direkt erëmzebezuelen, wann de Salarié, Fräiberuffler oder Selbstännege se opgrond vu wëssentlech falschen Declaratiounen accordéiert krut. Zousätzlech müssen déi Betreffend déi gesetzlech Zënse vun deem Dag un, wou si d'Sue kruten, bis zu deem Dag, wou si se zeréckginn, bezuelen.

(Quell: CEPL)

Déi verschidde Formulairen, fir e Congé individuel de formationze kréien, kënnen hei ënnendrënner erofgeluede ginn.

Wichtig Informatioun zum Dateschutz:

D'Informatiounen aus de Formulairë ginn datentechnesch verschafft, fir d'Gestioun vum Weiterbildungscongé an de Suivi vun den domat verbonnene Rechter a Flichten ënner Berücksichtigung vun de gesetzleche Bestëmmungen a Virschrëften ze vereinfachen.

Är Date gi just vum Service de la formation professionnelle vum MENJE benotzt a ginn net un Drëtter weidergeleet.

Weiderbildung fir Leit, déi a kengem Aarbechtsverhältnis stinn

D'Formatiounen fir Leit, déi op der Sich no enger Aarbecht sinn (formations des personnes sans emploi), ginn an enker Zesummenaarbecht mat der ADEM (Administration pour le développement de l'emploi) an dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend organiséiert.

Et ginn zwou verschidden Zorte vu Formatioune fir Leit, déi a kengem Aarbechtsverhältnis stinn:

Formatiounen, fir Leit ouni Aarbecht esou auszebilden, datt se eng besser Chance op eng Aarbechtsplaz hunn

Dës Formatiounen daueren am Allgemengen ee Joer a si virun allem geduecht fir jonk Leit, déi Schwierigkeeten hunn, um Aarbechtsmaart Fouss ze faassen. Si gi vun de Centres de formation professionnelle continue (CNFPC) ugebueden a bestinn aus beruflechen Orientéierungs- an Aféierungscoursen (cours d'orientation et d'initiation professionnelle – COIP). Déijéineg, déi sech hei ageschriwwen hunn, profitéieren och vun enger sozio-pedagogescher Betreuung a betribsinterne Stagen.

Formatioune fir Betriber oder e Wirtschaftssecteur am Hibléck op eng direkt Integratioun op den Aarbechtsmaart

Dës Formatioune ginn op Ufro vun de Betriber organiséiert. Hir Dauer variéiert am Allgemengen tëscht sechs Wochen an dräi Méint, ouni d'Dauer vum Stage. De Betrib, deen esou eng Formatioune ufreet, engagéiert sech, déi Persounen anzustellen, déi d'Formatioune mat Erfolleg ofgeschloss hunn.

Erfarungsberichter

D'Formatioune bei COMAT – Alain Conter, Administrateur & Responsable fir d'Formatioune

D'Formatioun beim Coiffer Beim Figaro – Michel Sanna, Patron

D'Formatioun bei der Groupe FOYER – Roland Bisenius, Responsable fir d'Formatioun

Validation des acquis de l'expérience - VAE

Contact

Email : vae@men.lu

Tél : (+352) 247-75908 ou 247-85912

Adresse :

Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse
Cellule VAE
18-20, montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg

Orientation

Le Service de la formation pour adultes (SFA) propose une orientation aux candidats et offre un service de permanence tous les mercredis de 17.00 à 20.00 heures sur **rendez-vous**, par téléphone au 8002-4488 ou par mail : sfa@men.lu.

Témoignage

- [VAE pour le diplôme de fin d'études secondaires techniques, division des professions de santé et des professions sociales, section de la formation de l'éducateur, et le diplôme d'État d'éducateur](#)

Législation

- [Code de l'éducation nationale](#)

Fir eng vun dëse Qualifizierungen:

- Certificat de capacité professionnelle (CCP)
- Diplôme d'aptitude professionnelle (DAP)
- Diplôme de technicien (DT)
- Ofschlossdiplom vum allgemenge Secondaire
- Meeschterbréif am Handwerk

iwwer d'Prozedur fir d'Validation des acquis de l'expérience (Unerkennung vun Bildungsleeschtungen) ze kréien, muss de Kandidat nowiesen, datt hien d'Kenntnesser, d'Fäegkeeten an d'Kompetenzen huet, déi um Schoulprogramm vun der betreffender Qualifikatioun opgeféiert sinn (kuckt weider ënnen d'Rubrik [Fir wéi eng Qualifizierung kann ech d'VAE froen?](#)).

D'VAE-Prozedur ëmfaasst zwou Etappen:

Éischt Etapp

Fir eng **Demande de validation** unerkannt ze kréien, muss fir d'éischt als **zoulässeg unerkannt ginn**. Fir datt eng Demande als zoulässeg unerkannt ka ginn, muss nogewise ginn, datt een eng Ausbildung – formal, net formal oder informell – gemaach huet, déi:

- op d'mannst dräi Joer gedauert huet (oder 5 000 Stonnen), kontinuéierlech oder net kontinuéierlech,
- e Lien huet mat gewünschter Qualifizierung.

Zweet Etapp


Wann d'Demande als zoulässeg unerkannt gouf, muss de Kandidat eng zweet **Demande** arechen, d'**Demande de validation sur le fond**. D'Demande de validation gëtt vun enger Commission de validation analyséiert, déi dann och eng Decisioun hëlt.

Fir eng **Validation totale (global Unerkennung)** ze kréien, muss de Kandidat noweisen, datt hien all d'Kenntnesser, Fäegkeeten a Kompetenzen huet, déi um Schoulprogramm vun der betreffender Qualifikatioun opgefëiert sinn.

Ass dat net de Fall, ass eng **Validation partielle (partiell Unerkennung) méiglech**. De Kandidat huet dann dräi Joer Zäit, fir sech déi Kompetenzen unzëeegnen, déi him nach feelen.

D'Commission de validation kann och decidéieren, **näischt unzeerkennen**, wann dem Kandidat seng Acquis de l'expérience (Bildungsleeschungen) net dem Schoulprogramm vun der betreffender Qualifikatioun entsprechen.

Oflaf vun der Prozedur



Wat bréngt dat mir?

Eng Validation des acquis de l'expérience kann hëllefen, eng nei Plaz ze fannen, de Beräich ze wiesselen, an der aktueller Carrière weiderzecommen oder d'Dauer vun der Ausbildung, déi ee gär wëll maachen, ze verkierzen.

Fir wéi eng Qualifikatiounen kënnen Acquis de l'expérience (Bildungsleeschungen) unerkannt ginn?

Eng Validation des acquis de l'expérience (op Basis vum geännerte Gesetz vum 19. Dezember 2008 iwwer d'Reform vun der Berufsausbildung) ass méiglech fir:

- de Certificat de capacité professionnelle (CCP)
- den Diplôme d'aptitude professionnelle (DAP)
- den Diplôme de technicien (DT)
- de Diplôme de fin d'études secondaires de l'enseignement secondaire général
- de Meeschterbréif am Handwierk (brevet de maîtrise de l'artisanat).

Zu CCP, DAP an DT: Fir gewuer ze ginn, op d'Bildungsleeschtungen, déi ee sech während der Berufstätigkeit ugëeegent huet, am Kader vun der VAE kënnen unerkannt ginn, kuckt an der Annex A vum groussherzogleche Règlement vum 9. Juli 2018 no. Fir déi Beruffer an Handwierker, déi an der Lëscht mat Diplom/Certificat CCP, DAP an DT opgefëiert ginn, kann eng Demande VAE als zoulässeg erkläert ginn (ënner der Bedingung, datt d'Demande komplett ass).

Et huet allerdéngs keen Zweck, eng Demande anzereche fir déi Beruffer an Handwierker, déi mat Certificat TRF opgezielt ginn (Säiten A 586 – 3, A586 – 4, A 586 – 5, A 586 – 6 vun der Annex A, déi hei ze fannen ass: <http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/rgd/2018/07/09/a586/fo>).

Déi grenziwwerschreidend Ausbildung ginn net mat engem Lëtzebuerger Certificat iwwer eng berufflech Qualifikatioun ofgeschloss.

Wa d'Héichschouldiplomer ugeet, sou fale si an d'Kompetenz vum [Ministère fir Héichschoul a Fuerschung](#).

Wéi eng Sprooch muss ech kënnen?

Et muss een déi Sprooch beherrschen, déi am Kaderprogramm vun der gewielter Qualifizierung stinn (liest d'Detailer an der Rubrik **Fir wéi eng Qualifizierung kann ech d'Unerkennung froen?**).

Fir de Meeschterbréif huet de Kandidat d'Wiel tëschent Däitsch a Franséisch.

Fir wéi eng Qualifizierung kann ech d'VAE froen?

Fir gewuer ze ginn, zu wéi enger Qualifikatioun Är Bildungsleeschtunge passen, kënt Dir:

1. D'Cellule VAE vum Ministère kontaktéieren oder lech un d'Chambre de Commerce an d'Chambre des salariés wenden.

2. D'Programmer vun den Diplomer um Site [Stonneplang a Programmer](#) zu Rot zéien:

fir de Certificat de capacité professionnelle (CCP), den Diplôme d'aptitude professionnelle (DAP) an den Diplôme de technicien (DT) [klickt op dëse Link](#) an dann op „Vue structurée“. Wielt duerno CCP, DAP oder DT (ënner 2017/2018) an dat gewënschent Handwierk oder de gewënschte Beruff;

fir den Ofschlossdiplom vum Secondaire général [klickt op dëse Link](#) an dann op „Enseignement secondaire général“ an der Rubrik „Ordre d'études“. Wielt dann déi gewënschte Klass aus:

- 2GCG an 1GCG fir d'Fachrichtung Verwaltungs- an Handlungswiesen, Sektoun Betriebswirtschaft;
- 2GCC an 1GCC fir d'Fachrichtung Verwaltungs- an Handlungswiesen, Sektoun Kommunikatioun an Organisatioun;
- 2GED an 1GED fir d'Fachrichtung Gesondheets- a Sozialberuffer, Sektoun Educateursausbildung;
- 2GED, 1GED an 1+GED fir d'Fachrichtung Gesondheets- a Sozialberuffer, Sektoun Educateursausbildung, Ofschlossklass Educateursausbildung;
- 1GSHAN fir d'Fachrichtung Gesondheets- a Sozialberuffer, Fachgebit Gesondheetswëssenschaften – „ancien régime“;
- 2GSO an 1GSO fir d'Fachrichtung Gesondheets- a Sozialberuffer, Sektoun Sozialwëssenschaften;
- 2GIG an 1GIG fir d'Fachrichtung Allgemeng Technik, Sektoun Ingenieurswiesen;
- 2GIN an 1GIN fir d'Fachrichtung Allgemeng Technik, Sektoun Informatik;
- 2GSN a 1GSN fir d'Fachrichtung Allgemeng Technik, Sektoun Naturwëssenschaften;

- 2GAR an 1GAR fir d'Fachrichtung Konscht, Sektioon Konscht a Kultur.

3. Fir d'Meeschterbréiwer fannt Dir d'Programmer um Internetsite vun der [Chambre des Métiers](#).

Wéi geet dat mat der Ufro fir eng Validation des acquis de l'expérience?

D'Ufro fir d'Validation des acquis de l'expérience geschitt an zwou Etappen.

Éischt Etapp

Dir féllt fir unzefänken den éischten Deel vun der [Demande de recevabilité](#), fir gewuer ze ginn, ob Är Demande zoulässeg ass. An Ärer Demande gitt Dir un, fir wéi ee Meeschterbréif/Brevet, Diplom oder Certificat Dir Är Bildungsleeschtunge wëllt unerkannt kréien.

An dëser éischer Demande liwwert Dir och Informatiounen iwwer Är Erfahrung, besonnesch d'Beruffserfahrungen, benevole oder privat, Äre schoulesche Parcours an Är Berufsausbildung. Op Grond vun dësen Informatiounen an den Ënnerlagen, déi Dir bäileet, fir dëst ze beleeën, iwwerpréift d'Cellule VAE vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, ob **Är Bildungsleeschtungen lech fir eng VAE qualifizéieren** an Är Demande fir zoulässeg erkläert ka ginn.

Wann Dir d'Demande op der Hand ausféllt, da schreift gutt lieserlech. Féiert alles kuerz a präzis aus a vergiesst och näischt.

Dir musst déi néideg Dokumenter bäileeën, déi Är Behauptunge beleeën. Dat kënn ganz ënnerschiddlech Dokumenter sinn. Si gi vum betreffende Service vum Ministère ganz genee gepréift.

Fir Är Demande braucht Dir:

- offiziell Dokumenter, wéi de Certificat, datt Dir sozialverséichert sidd ([Certificat d'affiliation à la sécurité sociale](#)) an eng Kopie vun Ärem Aarbechtsvertrag (oder e Certificat de travail oder d'Lounziedelen), déi beweisen, datt Dir enger bezuelter Aarbecht nogitt;
- e Certificat, datt Dir sozialverséichert sidd ([Certificat d'affiliation à la sécurité sociale](#)), wann Dir selbstänneg sidd;
- Certificate vum President vun deem Veräin, wou Dir lech benevole engagéiert;
- Deklaratioun op Éierewuert fir privat Aktivitéiten;
- Fotokopië vun Äre Certificaten, Diplomer oder Meeschterbréiwer, Zensuren, Bescheinigungen iwwer Modüllen oder soss schoulesch Leeschtungen, vun de VAE-Decisiounen, Certificate vu Participatiounen u Stagen oder Certificaten iwwer den Ofschloss vun der Ausbildung;
- eng Kopie vun der Carte d'identité oder dem Pass;
- eng Kopie vun der Iwwerweisung: Fir eng Ufro op Unerkennung vu Bildungsleeschtunge kënnen ze stellen, musst Dir eng Stempeltax vu 25 Euro op de Postscheckkont vun der [Administration de l'Enregistrement et des Domaines](#) iwwerweisen: IBAN LU09 1111 7026 5281 0000, BIC-Code: CCPLLULL, mat der Kommunikatioun: „droit de timbre, validation des acquis de l'expérience (rgd du 11 janvier 2010)“ an Ärem Numm a Virnumm.

Nummeréiert Är Ënnerlagen. Wann Är Dokumenter an enger anerer Sprooch wéi Lëtzebuergesch, Franséisch oder Däitsch verfaasst sinn, muss eng assermentéiert Iwwersetzung derbäileien.

Oggepasst:

Déi Dokumenter, déi Dir bäileet, kritt Dir net erëm. Schéckt also just Kopië mat vun Ären Diplomer, Zensuren, Aarbechtskontrakter, Lounziedelen asw.

D'Qualitéit vun den Informatiounen, déi Dir liwwert, ass fir d'Demande vu grousser Bedeitung.

Wat gehéiert alles an Är Demande?

- 1 **Är Motivatioun**
- 2 **Är Identitéit**
- 3 **Är Deklaratioun op Éierewuert**
- 4 **Är Erfahrung**

- 4.1 Är aktuell berufflech Aktivitéit
- 4.2 Är lescht berufflech Aktivitéit
- 4.3 Är berufflech Aktivitéite virdrun
- 4.4 Är benevole Aktivitéiten
- 4.5 aner Aktivitéiten
- 4.6 Är Haaptaktivitéiten, déi mat dem ugestriefte Certificat, Diplom, Meeschterbréif/Brevet ze dinn hunn

5 Är Grondausbildung

- 5.1 Äre Parcours
- 5.2 Är Certificaten, Diplomer a Meeschterbréiwer

6 Är Weiterbildung

- 6.1 Äre Parcours
- 6.2 Är Meeschterbréiwer, Diplomer a Certificaten

plus d’Kopie vun der Iwwerweisung vun der Stempeltax.

Är Demande schéckt Dir dann un den:

Ministère de l’Éducation nationale, de l’Enfance et la Jeunesse
18, montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg

De Ministère préift d’Zoulässegkeet vun der Demande. E ka weider Renseignementer froen. D’Cellule VAE vum Ministère kann eventuell d’Originaldokumenter vun lech froen.

Zweet Etapp

Wann Är Demande als zoulässeg unerkannt ass, musst Dir den zweeten Deel vun der Demande fir d’Unerkennung vun de Bildungsleeschungen ausfüllen: d’[Demande de validation sur le fond](#).

Musse meng Bildungsleeschunge rezent sinn oder däerfen se och e puer Joer zeréckleien?

Dat spillt fir d’Zoulässegkeet vun der Demande fir eng VAE keng Roll.

Wéi bereeden ech meng détailléiert Demande fir eng VAE fir?

Soubal deen éischten Deel vun Ärer Demande fir eng VAE, d’Demande de recevabilité, fir zoulässeg erkläert gouf, musst Dir d’Demande de validation sur le fond **ausfüllen**. Dir hutt d’Méiglechkeet, am Deel „**Annexes**“ all d’Dokumenter, déi Är Berufserfahrung an Äert Wëssen illustréieren, bäizeleeën.

Wann néideg, kann de Kandidat fir eng VAE bei der Zesummestellung vun der détailléierter Demande Hëllef kréien. All Kandidat, deem seng Demande fir zoulässeg erkläert gouf, kritt e Formulaire fir eng **Ënnerstëtzung** fir dësen zweeten Deel vun der Demande de validation.


De **Froebou, oder Questionnaire guidé, féiert lech** duerch d’Demande de validation, soudatt Dir ouni Problemer Är Kenntnesser, Fäegkeeten a Kompetenzen, déi e Rapport hunn zu den Ufuerderunge vun deem Diplom, fir deen Dir gär eng Validéierung hätt, opzielen an détailléiert beschreiwe kënn. Dir beschreift och Är charakteristesche Aktivitéiten an illustréiert alles mat konkrete Beispiller.

Fir datt d’Commission de validation aschätze kann, a wéi engem Kontext Dir Äert Kënnen an Är Erfarungen agesat an entwéckelt hutt, musst Dir am Detail op d’Froe vun den Dateblieder zu Ärem „**Parcours**“ (P1, P2, P...), Ären „**Emplois**“ (E1, E2, E...) an Ären „**Activités**“ (A1, A2, A...) äntweren.

D’Qualitéit vun den Informatiounen, déi Dir liwwert, ass fir d’Demande vu grousser Bedeitung.

Wann Dir d’Demande op der Hand ausfüllt, da schreift gutt lieserlech. Féiert alles kuerz a präzis aus an nummeréiert d’Blieder.

Fir déi pertinent **Aktivitéiten** ze wielen, kuckt lech de Programm vum Certificat, Diplom oder Meeschterbréif/Brevet, fir deen Dir wëllt eng Unerkennung kréien, ganz genee un. Dir musst lech op dëse Programm baséieren, fir Är detailléiert Demande fir eng Validation des acquis de l'expérience zesummenzestellen an ze redigéieren. D'Commission de validation evaluéiert Är Acquisen, déi Dir opféiert an Är Demande, **am Zesammenhank mat de Kompetenzen, déi fir déi Qualifizierung erfuerdert sinn, déi Dir gär unerkannt hätt.**



Weider informatiounen zu de Programmer vun der Qualifizierung, déi Dir gär unerkannt hätt, fannt Dir op den Internetsäiten [Horaires et programmes](#) (liest d'Punkten 2 an 3 an der Rubrik *Comment identifier la bonne qualification?*).

Eng Validation des acquis de l'expérience baséiert ëmmer op deem Material, dat virläit. Déi schrëftlech Beschreiwunge vun Äre Kenntnesser, Fäegkeeten an Astellunge mussen **détailléiert** genuch sinn. Dir musst och konkret Beispiller kënnen bréngen vun Aufgaben, déi Dir ausgeféiert hutt. Dir musst lech Gedanken iwwer dat Geleeschent maachen, lech un Einzelheeten erënneren, Situatioune fannen, déi als Beispill kënnen déngen, a präzis beschreiwen, wéi an ënner wat fir enge Konditiounen Dir déi eng oder aner Aufgab erleedegt hutt.

Op Basis vun all dësen Informatiounen evaluéiert d'Commission de validation Är Fäegkeeten a vergläicht se mat deenen, déi den Diplom, Meeschterbréif/Brevet oder Certificat verlaangt. D'Kommissioun kann decidéieren:

- eng **Validation totale** (global Unerkennung) ze accordéieren;
- eng **Validation partielle** (partiell Unerkennung) ze accordéieren;
- **näischt** unzeerkennen.

Wat gehéiert an Är detailléiert Demande?

- Déclaration sur l'honneur
- Beschreibungsfiche zu Ärem Parcours
- Beschreibungsfiche zu Ären Aarbechtsplazen
- Beschreibungsfiche zu Ären Aktivitéiten
- Annexen;
- Kopie vun der Décision de recevabilité, dat heescht d'Decisioun, datt Är Demande zoulässeg ass

Ginn et Delaie, déi mussen agehale ginn?

Delai fir eng Demande de recevabilité (éischt Etapp vun der VAE-Prozedur)
Eng Demande de recevabilité kann zu all Moment agereecht ginn.

Delai fir eng detailléiert Demande de validation sur le fond (zweet Etapp vun der VAE-Prozedur)
D'Delaie vun de Sessiounen, fir eng Demande de validation sur le fond anzereeche, sinn déi hei:

- den 29. Februar 2020 fir d'Sessioun Mee – Juni 2020;
- den 31. Juli 2020 fir d'Sessioun Oktober – November 2020;

- den 28. Februar 2021 fir d'Sessioun Mee – Juni 2021;
- den 31. Juli 2021 fir d'Sessioun Oktober – November 2021.

Wann d'Demande fir eng VAE per Post geschéckt gëtt, gëllt de Poststempel.

Delai fir eng Ënnerstëtzung ze kréien

Bannent engem Mount, nodeems Dir d'Bestätegung krut, dass Är Demande zoulässeg ass, musst Dir Är Demande areeche, wann Dir Hëllef braucht vum Ministère bei Ärer detaillierter Demande. All Kandidat, deem seng Demande fir zoulässeg erkläert gouf, kritt e Formulaire, fir eng Ënnerstëtzung unzufroen.

Wéi gesäit dës Ënnerstëtzung aus?

De Ministère bitt dës Ënnerstëtzung un. Et gi verschidde Méiglechkeete vun esou enger Ënnerstëtzung:

- e kollektiven Atelier, dee vum Ministère organiséiert gëtt;
- een oder méi perséinlech Gespréicher mat engem Beroder. D'global Dauer vun der Hëllef ass op maximal zwielef Stonne beschränkt.

D'Ënnerstëtzung ass fakultativ a gëtt op Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch ugebueden.

De Beroder ass e Mataarbechter vum Staat oder vun enger vun de Beruffskummeren.

D'Etape vun der Berodung sinn:

- de Kandidat renseignéieren, wéi eng Demarche ze huelen ass;
- de Kandidat informéieren, wéi seng Berufserfahrungen mam Ofschlossdiplom a Verbindung stinn;
- de Kandidat bei der Zesummestellung vu sengem Dossier fir d'Commission de validation ënnerstëtzen a beroden;
- de Kandidat op eng Testsituatioun oder den Entretien virbereeden.

Wien analyséiert mäi VAE-Dossier?

Är Demande de validation gëtt de Membere vun der Commission de validation (Unerkennungskommissioun) ënnerbreet, déi d'Demande analyséieren an eng Decisioun huelen. D'Kommissioun besteet aus sechs Membere: zwee Vertrieder vum Patronat, zwee Vertrieder vum Salarat und zwee Vertrieder aus dem schoulesche Beräich. Et gëtt fir all Qualifizéierung eng eegen Unerkennungskommissioun. D'Kommissioun vergläicht d'Kompetenzen, déi Dir uginn hutt an Ärer Demande, mat deenen, déi fir déi Qualifizéierung, déi Dir ustriift, néideg sinn.

No der Analys vum Dossier kann, wann d'Commission de validation dat fir néideg fënnt, en Entretien mam Kandidat gefrot ginn. Et kann och sinn, dass de Kandidat sech an enger reeller oder nogestallter Aarbechtssituatioun muss beweisen.

Wann d'Kommissioun der Meenung ass, dass Dir nëmmen en Deel vun de gefuerderte Kompetenzen hutt, kënn Dir eng partiell Unerkennung kréien. Dir hutt dann dräi Joer Zäit, fir déi Kompetenzen, déi feelen, nozehuelen (z. B. duerch eng Formatioun oder zousätzlech Erfahrung).

D'Kommissioun kann och decidéieren, keng vun den Acquis de l'expérience (Bildungsleeschungen) unzeerkennen, wann d'Acquisen, déi Dir an der Demande uginn hutt, net Kaderprogramm vun der visierter Qualifizéierung iwwerteneestëmmt.

Wéi laang dauert déi ganz Prozedur?

D'Demande op Zoulässegkeet kënnt Dir zu all Moment areechen.

Wann an der éischter Etapp vun Ärer Demande op d'VAE är Demande als zoulässeg erkläert gëtt, musst Dir zur zweeter Etapp iwwergoen an eng detailléiert *Demande de validation sur le fond* areechen. D'Decisioun, datt Är Demande zoulässeg ass, ass gültig fir déi zwou nächst Validéierungssessiounen. D'Commissions de validation (Unerkennungskommissiounen) kommen zweemol d'Joer zesummen.

Beispill:

Dir reecht Är Demande de recevabilité am August 2017 an. Am Fall vun enger positiver Äntwert kënnt Dir Är detailléiert Demande dann areechen

- fir den 28. Februar 2018 (Sessioun Mee – Juni 2018)
- oder den 31. Juli 2018 (Sessioun Oktober – November 2018).

Dir musst dës Daten anhalen. De Poststempel gëllt.

Wann Dir Är Demande de validation sur le fond bannent de genannten Delaien areecht, gëtt de Ministère Är Demande un déi entspreichend Unerkennungskommissioun weider.

Den zoustännege Service deelt Iech d'Decisioun spéitstens ee Mount, nodeems e vun der Unerkennungskommissioun informéiert gouf, mat.

U wie schécken ech meng Demande?

De Kandidat schéckt seng Demande per Aschreiwen un den:

Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
VAE
18, montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg

Wou kréien ech weider Informatiounen?

Dir kënnt:

- d'Cellule VAE vum Ministère per E-Mail (vae@men.lu) oder Telefon (+352 247-75908 oder +352 247-85912) kontaktéieren;
- an de Büro vum der Cellule VAE vum Service de la formation professionnelle laanschtkommen; d'Adress ass 18, Montée de la Pétrusse, Lëtzebuerg (3. Stack).

Agenda VAE

- [Calendrier des événements](#)

Fir méi gewuer ze ginn

Zousätzlech Informatiounen

- [Dépliant \(FR / DE / LU\) : Validation des acquis de l'expérience : Les six étapes \(CCP / DAP / DT / DES / Brevet de maîtrise\) / Die Anerkennung erworbener Kompetenzen : die sechs Etappen \(CCP / DAP / DT / DES / Brevet de maîtrise\)](#) (pdf - 404 Ko)
- [Glossaire](#) (pdf - 136 Ko)
- [Document sur la protection des données à caractère personnel](#) (pdf - 378 Ko)

Formularen

- [Demande de recevabilité - 1e étape](#) (pdf - 1665 Ko)
- [Précisions sur la demande de recevabilité et pièces complémentaires](#) (pdf - 137 Ko)
- [Antrag auf Zulassung - 1. Teil](#) (pdf - 1660 Ko)
- [Erläuterungen zum Antrag auf Zulassung und zu den zusätzlichen Belegen](#) (pdf - 192 Ko)
- [Demande de validation sur le fond - 2e étape, après acceptation](#) (pdf - 1604 Ko)
- [Antrag auf grundsätzliche Anerkennung - 2. Teil, nach Zulassung](#) (pdf - 1411 Ko)

Um guichet.lu

- [Faire une demande de validation des acquis de l'expérience \(VAE\)](#)
- [Einen Antrag auf qualifizierende Anerkennung von erworbenen Kompetenzen stellen](#)
- [Accreditation of prior and experiential learning \(VAE\)](#)

Schoulpersonal

Fir de Recrutement an d'Verwaltung vum Personal vum Enseignement Secondaire ass de Staat zoustänneg. D'Personal, Fonctionnaires oder Employés d'Etat, ënnersteet dem Minister.

Zum Personal vum Lycée gehéieren nieft dem Direkter eventuell een oder méi stellvertriedend Direkteren, d'Professere fir déi verschidde Fächer (Sproochen, Geschicht, Mathematik, Physik, Konscht asw.), d'Professere fir den allgemengen Unterricht, d'Léierpersonal vun der Voie de préparation, d'Léierpersonal fir spezialiséiert Coursen an Allgemengbildung, Psychologen, Erzéier, Sozialaarbechter, Bibliothekaren an Dokumentalisten asw.

Jee no Besoine gehéieren zum Personal vun de Lycéeën och Chargé-de-coursen, Chargés d'éducation a Chargés d'enseignement, an zwar op onbestëmten Zäit, a Voll- oder Deelzäit, als Membere vum Pool vun den Ersatzléierkräften. Ausserdeem kënnen Chargés d'éducation op bestëmten Zäit, Voll- oder Deelzäit, engagéiert ginn, fir anert Léierpersonal ze ersetzen.

Am Kader vum ëffentleche Secondaire classique a Secondaire général fir Erwuessener recrutéiert de Ministère och Formateuren an der Erwuessenebildung.

Déi folgend Ënnerrubricke beschreiwen den Zougang zur Carrière vum Enseignant-Fonctionnaire, de Poste fir Chargé-de-coursen a Formateuren an der Erwuessenebildung. Déi engleschsproocheg Eurypedia-Säite ginn eng Iwwersiicht iwwer d'Fachpersonal am Secondaire classique a Secondaire général.

Recrutement vun den Enseignant-Fonctionnaires

Den Unterricht am Secondaire classique a Secondaire général gëtt am Prinzip vun Enseignant-Fonctionnaires assuréiert. De Recrutement leeft iwwer e Concours, dee vum Ministère fir Education, Kanner a Jugend organiséiert gëtt.

D'Regierung leet all Joer d'Zuel vun de Professorenen, déi fir de Secondaire ze recrutéiere sinn, fest. Wéi sech d'Posten op déi verschidde Carrièren a Fächer verdeelen, bestëmmt de Minister opgrond vun de spezifesche Besoine vun de verschiddene Lycéeën.

Zouloosungsvoraussetzungen

D’Kandidate müssen dës Zouloosungsvoraussetzungen erfëllen:

- ee vun de verlangten Diplomer hunn (kuckt ënner „Studievoraussetzungen“);
- aus engem vun den EU-Memberlänner stamen;
- am Besëtz vun den zivillen a politesche Rechter sinn;
- deene fir dës Aktivitéite virausgesate sittlechen a moraleschen Ufuerderungen nokommen;
- déi physisch a psychesch Bedingungen erfëllen, déi fir d’Ausübung vun dëser Funktioun néideg sinn;
- déi néideg Kenntnesser an den dräi administrative Sprooche vum Land hunn (Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch).

Studievoraussetzungen

D’Kandidate fir d’Funktioon vum

- **Professer** (*groupe de traitement A1*) müssen e Bachelor- an e Masterdiplom hunn;
- **Professer vum Enseignement technique** (*groupe de traitement A2*) müssen e Bachelordiplom hunn;
- **Maître d’Enseignement** (*groupe de traitement B1*) müssen e Meeschterbréif oder e Brevet de technicien supérieur hunn.

D’Zouloosungskriterie fir de Concours, deen den Zougang reegelt zum pedagogesche Stage fir d’Lycéeën, entsprechen dem Bologna-Prozess (Bachelor a Master). Allerdéngs si Kandidaten, déi verschidden aner Diplomer, Graden a Certificaten (Magister, Maîtrise, 2^e licence asw.) hunn, weiderhin zum Concours zougelooss.

Op d’mannst ee vun den Diplomer – Bachelor oder Master –, dee fir d’Funktioon vum Professer erfuerdert ass, muss e Lien hunn zum enseignéierte Fach. De Masterdiplom, deen op de Beruff vum Enseignant am Secondaire virbereet, ass och akzeptéiert (*Lehramt, Master in Secondary Education ...*).

Abschreiwung

Fir kënnen Enseignant-Fonctionnaire am Secondaire classique an Secondaire général an de Loun- a Gehaltsklassen A1, A2 a B1 ze ginn, muss een e Stage maachen, a fir zum Stage zougelooss ze ginn, de Concours packen. D’Umeldung fir de Concours geschitt op elektroneschem Wee, an zwar virum Datum, deen an der Ausschreiwung uginn ass. Fir dës elektronesch Abschreiwung brauch een e LuxTrust-Certificat.

Sollt Dir keng Méiglechkeet hunn, Iech via LuxTrust unzemellen, da kontaktéiert wannechgelift d’Gestionnaire vum Concours:

Madame Ariane Ersfeld
Tel.: (+352) 247-75128

Här Paulo Micucci
Tel.: (+352) 247-75974

E-Mail: concours.epp@men.lu

Bei Ärer Abschreiwung musst Dir an der Rubrik „pièces jointes“ dës Dokumenter eroplueden:

1. Dokumenter iwver d’Studien

D'Dokumenter, déi Dir musst eraginn, sinn ofhängeg vun der Carrière, fir déi Dir lech melst (kuckt ënner „Studievoraussetzungen“). Déi néideg Informatiounen fannt Dir hei:

2. Dokumenter fir d'*épreuves préliminaires de langue*

Déi Persounen, déi d'Virpüfungen an de Sprooche, d'*épreuves préliminaires de langue*, scho gemaach hunn, müssen eng Kopie vun hire Resultater bäileeën. Déi aner Kandidaten kënnen, ofhängeg vun hire Studien, vun engem oder méi Sproochentester fräigestallt ginn.

Méi detailléiert Informatiounen iwwer d'*épreuves préliminaires* an de Sproochen fannt Dir an der Annex 2 [Informations épreuves préliminaires de langue](#).

Concours

All d'Kandidaten fir déi hei uewendriwwer genannte Funktiounen müssen sech am Concours qualifizéieren an e pedagogesche Stage vun dräi Joer absolvéieren.

D'Examen vum Concours gi vum Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend organiséiert a vun November bis Mäerz ofgehalen. D'Ausschreiwunge ginn an der Press an um Internetsite vum Educatiounsministère publizéiert.

De Concours besteet aus zwee Deeler :

- **d'*Épreuves préliminaires de langues* (Virpüfungen an de Sprooche :** Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch);
- **d'*Épreuves de classement* (Qualifizierungstester)**

De Programm fir all Fach gëtt an der Rubrik [Programmer an Tester](#) opgefouert. Bei Ännerunge ginn déi nei Programmer mat Zäit den ageschriwwene Kandidaten matgedeelt.

Virun den Virpüfungen an de Qualifizierungstester ginn Informatiounsreuniounen organiséiert mat de respektive Juryen, wou d'Kandidaten d'Eenzelheete vun der Examensorganisatioun matgedeelt kréien.

Pedagogesche Stage an Nominéierung

Déi Kandidaten, déi den Examen gepackt an sech qualifizéiert hunn, müssen e pedagogesche Stage maachen, ier se kënnen nominéiert ginn. Dës Stage fänkt den 1. September un. Während dëser bezuelter Stagezäit halen d'Stagiaren eng bestëmmten Zuel vu Coursen a maachen hir pedagogesch Ausbildung.

Eng Reduzéierung vun der Stagezäit kann accordéiert ginn, wann dee Betreffende schonn eng pedagogesch Ausbildung zu Lëtzebuerg oder am Ausland mat Erfolleg ofgeschloss huet oder Berufserfahrung als Enseignant am Ausland nowiese kann. D'Demande fir eng Reduzéierung vum Stage muss un de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend adresséiert ginn.

De pedagogesche Stage schléisst mat engem prakteschen Examen of.

[Recrutement vu Chargés d'éducation a Chargés d'enseignement](#)

Zënter dem Schouljoer 2016/2017 sinn d'Anstellungs- an d'Aarbechtsbedingunge vun de Chargé-de-coursen, de Chargés d'éducation an de Chargés d'enseignement fir de Secondaire classique an de Secondaire général am [Gesetz vum 23. Juli 2016](#) iwwer d'Schafung vun engem Ersatzpool vun Enseignantë fir d'Lycéeë festgeluecht.

Dat geännert Gesetz vum 29. Juni 2010 iwwer en Ersatzpool vu Chargés d'enseignement fir déi klassesch an technesch Lycéeën ass zwar opgehewen, gëllt awer nach fir déi agefallten Enseignanten, déi virum 1. Oktober 2015 op onbestëmmten oder bestëmmten Zäit engagéiert goufen; eenzeg Ausnam ass hei den Artikel 12, dee vum Schouljoer 2016/2017 un net méi a Kraaft ass.

Fir deem entgéintzewierken, datt net genuch zertifizéiert Léierpersonal an de Lycéeën zur Verfügung steet, dat net besate Schoulstonnen oder d'Betreiung vun Aktivitéiten kann iwwerhuelen, déi weder vun de Fonctionnaires, Kandidaten, Stagiaire-Fonctionnaires nach vun den Chargé-de-coursen, Chargés d'éducation op onbestëmmten Zäit an déi schonn engagéiert Chargés d'enseignement kënnen assuréiert ginn, kann de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend Chargés d'enseignement op onbestëmmten Zäit recrutéieren, a Voll- oder Deelzäit (75 % oder 50 %), allerdéngs nëmmen an der Limitt vun de Posten, déi vum Budgetgesetz op d'Joer accordéiert ginn.

D'Kandidate fir e Poste vun engem Chargé d'enseignement op onbestëmmten Zäit mussen aus engem Memberstaat vun der EU kommen.

Fir an de Groupe de traitement A1 agestuuft ze ginn, mussen d'Kandidaten

- e Bachelor*- an e Masterdiplom* hunn, deen am Register vun den Héichschouldiplomer agedroen ass.

De Groupe de traitement A gëtt fir dës Fächer applizéiert:

- Däitsch, Englesch, Spuenesch, Franséisch, Geschicht, Italienesch, Latäin, Lëtzebuergesch;
- Biologie, Chimie, Geographie, Mathematik, Physik
- Agronomie/landwirtschaftlech Methoden, Architektur, Elektrotechnik, Génie civil, Vermissungswiesen, Hortikultur, Mechanik asw.
- Kommunikatioun, Informatik, Pedagogik, Soziologie, Gesondheetsberuffer: Infirmier; Politikwëssenschaften, logopedeschen Unterricht
- Wirtschafts- a Sozialwëssenschaften
- Konscht, Musek, Sport

Fir an de Groupe de traitement A2 agestuuft ze ginn, mussen d'Kandidaten

- de Bachelordiplom* hunn, deen am Register vun den Héichschouldiplomer agedroen ass.

De Groupe de traitement A2 gëtt fir dës Fächer applizéiert:

- Gesondheetsberuffer: Infirmier, Sekretariat, Educateur gradué, Hotelmanagement.

Fir an de Groupe de traitement B1 agestuuft ze ginn, mussen d'Kandidaten:

- e Meeschterbréif* oder e Brevet de technicien supérieur* hunn.

De Groupe de traitement B1 gëtt fir dës Fächer applizéiert:

- Holzveraarbechtung, Metallveraarbechtung, Ausbildung zu de Beruffer vum Daachdecker, Coiffer, Usträicher, Heizungs- a Sanitärinstallateur, Elektriker, Elektroniker, Mechatroniker, Autosmecanicien, Karrosseriebauer, Lackéierer/Debosseleur, Mecanicien fir Landmaschinnen a landwirtschaftlecht Material, Bäcker-Pâtissier oder an der Gastronomie asw.

(*oder een als equivalent unerkannten Diplom/Brevet)

Si mussen ausserdeem déi **dräi administrativ Sprooche vum Land beherrschen**, d. h. Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch.

Während den dräi éischten Déngschtjore muss de Chargé d'enseignement un enger vum IFEN (Institut de formation de l'éducation nationale) organisierter Formatioun deel huelen. Ofgeschloss gëtt dës Formatioun mat enger Prüfung vun de Kenntnesser an engem Rapport iwwer déi fachlech Eegnung vum Kandidat.

Fir Léierpersounen ze ersetzen, déi nëmme fir kuerz Zäit ausfalen (Congé de maternité, Elterecongé ...) an deenen hir Stonne weder vun de Fonctionnairen, Kandidaten, Stagiaire-Fonctionnairen nach vun de Chargé-de-coursen, Chargés d'éducation op onbestëmmtten Zäit a Chargés d'enseignement kënnen iwwerholl ginn, kann de Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend **Chargés d'éducation op bestëmmtten Zäit** recrutéieren, a Voll- oder Deelzäit (75 % oder 50 %).

D'Kandidate fir e Posten als Chargé d'éducation op bestëmmtten Zäit mussen aus engem Memberstaat vun der Europäescher Unioun kommen an déi nämmelech Studiebedingungen erfëllen wéi d'Chargés d'enseignement op onbestëmmtten Zäit.

Si mussen ausserdeem **op d'mannst zwou vun den dräi administrative Sproche vum Land beherrschen.**

(D'Loun- a Gehaltsklass vum Chargé d'éducation op bestëmmtten Zäit ass maximal déi vun där Léierpersoun, déi ersat gëtt, trotz den uewe genannte Bedingungen.)

De Bewerbungsformulaire fir e Posten als Chargé d'éducation op bestëmmtten Zäit a Chargé d'enseignement op onbestëmmtten Zäit an engem Lycée classique oder général kann hei erofgeluede ginn.

Recrutement vu Formateuren an der Erwuessenebildung

Am Kader vum Secondaire classique a Secondaire général fir Erwuessener recrutéiert de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend Formateuren am Enseignement théorique (A1), am Enseignement technique (A2) an am Enseignement pratique (B1).

Wéi vill Formateure fir Erwuessener am Secondaire classique a Secondaire général recrutéiert ginn, gëtt all Joer vum Regierungsrot festgehalen. D'Verdeelung vun de Posten op déi verschidde Carrièren a Fächer gëtt vum Minister fir Bildung, Kanner a Jugend festgeluecht, jee no de Besoine vun de betroffenen Institutiounen; dëst sinn:

- den *Centre national de formation professionnelle continue* zu Esch-Uelzecht an zu Ettelbréck
- den *Institut national des langues* (INL)
- d'École nationale pour adultes.

Weider Informatiounen iwwer d'Prinzipien an d'Modalitéite vum Concours fir Formateuren an der Erwuessenebildung fannt Dir um Site [GovJobs](#).